SLP.LU

Société Luxembourgeoise de Psychologie asbl

# NEWSLETTER

Nummer 2
Juli 2018

Contenu

Neien Member an der Ethikskommissioun 1

Mir heesche Wëllkomm

Suite Negotiatiounen CNS - Psychotherapeuten 2

SLP Event: Psychological tests and testing 3

Kandidature fir Psychotherapeuten posten am Collège Médical 4

Impakt vum neien RGPD Gesetz (Protection des Données) op d'SLP an Psychologen 5

Administratives vun der SLP 6

## Neien Member an der Ethikskommissioun

D'SLP an d'SLP Ethikskommissioun sinn houfreg, de Max Greisen als neien Member an der Ethikkommissioun begréissen ze kënnen.

E puer Detailer méi iwwer den Max Greisen fann dir a sengem Profil an eisem SLP Annuaire.

## Mir heesche Wëllkomm

Säit der leschter Newsletter si folgend nei Psychologen Member bei der SLP ginn.

Freddy ANDRE
Céline BETTEL
Laura GORDET-THIELEN
Dijana IBRAKOVIC
Sandra JORGE MENDES
Nathalie LECOMTE
Jessica LEVY
Joanne MAAS
Dorian NAMÊCHE
Nisha PAREKH
Claire PAULY
Julie PEREIRA
Lynn REIS
Anne SCIAMANNA
Sandra SCIUS
Caroline UHRES
Liz WEYER

De Comité vun der SLP heescht si häerzlech Wëllkomm!

## Suite Negotiatiounen Psychotherapeuten mat der CNS

FAPSYLUX
Fédération des Associations représentant des Psychothérapeutes au Grand-Duché de Luxembourg - Association sans but lucratif

Säit Januar 2018 negociéiert d'FAPSYLUX mat der CNS fir eng Konventioun, eng Nomenclature an Tariffer auszeschaffen, wat den Psychotherapeut ugeet.

D'Negociatiounen hunn sech vun Ufank un als schwiereg erwisen well op Säiten vun de Verhandlungs-Partner Psychotherapie an de Beruff vum Psychotherapeut mat all sengen Facetten (Formatioun, Methoden, Uwendungs-Beräicher an Therapie-Oflaf) net adequat verstane gëtt.

Vill vun den Verhandlungssëtzungen hunn dës Facetten beinhalt, an d'FAPSYLUX ass sech net Leed ginn, déi verschidden Punkten ze erklären. Trotzdeem sinn fundamental Desaccorden bliwwen, op deenen sech den Conseil vun der FAPSYLUX en Soutien vun sengen Memberen an enger AG extraordinäre den 8 Mee gefrot huet:

**Den Psychotherapeut – een Paramediziner?**: D'FAPSYLUX vertrëtt d'Positioun, dass de Beruff vum Psychotherapeut net para-medezinesch ass, an berifft sech nom neie Gesetz op eng **Autonomie** am Handelen. Dëst gëtt awer als Widdersproch mam Artikel 23 vum Code de la Sécurité sociale gesinn, deen beschreift dass d'Prestatiounen vun der CNS eng Ordonnance/Prescription médicale mussen hunn, fir rembourséiert ze ginn. Dësen Artikel kann een awer der FAPSYLUX hirer Meenung no ënnerschiddlech interpretéieren.

D'FAPSYLUX mëscht sech och staark fir den Kader vum **Therapie Oflaf** esou onkompliziéiert an professionell wéi méiglech ze gestalten. Dëst betréfft eng sënnvoll medezinesch Consultatioun beim Generalist fir somatesch Grënn auszeschléissen bzw. eng parallel medezinesch Behandlung unzebidden. Et gëllt awer och kee Broch an der Kontinuitéit vun der psychotherapeutescher Behandlung ze vermeiden an eng raisonnabel Unzuel vun rembourséiert Therapieseancen ze garantéieren. D'Ziel ass een adquate Kader fir eng erfollegräich Behandlung ze schaffen. Dobäi soll den administrativen Opwand souwuel fir d'Patienten wéi och fir d'Psychotherapeuten sou kleng wéi méiglech bléiwen.

Wat d'**Uwendungs-Beräicher** vun den Psychotherapeuten ugeet, wëll d'CNS d'Remboursement just op verschidden Pathologien limitéieren. D'FAPSYLUX gesäit dëst als e Widdersproch zur Deontologie an als eng Diskriminatioun géint iwwer Patienten an huet eng Géigepropose mat Inclusiouns- an Exclusiouns- Criterien agereecht. Dës Propositioun baséiert op der psychotherapeutescher Behandlung vun ALLEN psycheschen Stéierungen mat Krankheetswert, awer schléisst Behandlungen aus, déi eng psychologesch Begleedung duerstellen bzw net zur Verbesserung oder Heelung vun dëser Krankheet bäidroen.

Och gëtt et kloer Ongläichheeten betreffend den Statut vum Psychotherapeut-Psychologue an dem Psychotherapeut-Medeziner/ Psychiater. De medezineschen Psychotherapeut bréicht am Géigensatz zum psychologeschen Psychotherapeut keng «Ordonnance» an kennt keng Aschränkungen wat d'remboursabel Pathologien ugeet.

Dës faktesch Ongläichheet fir selwecht Prestatiounen (manner oder keng administrativ Hürden, Méiglechkeet vum Remboursement) ass a Kontradiktioun zum Gesetz. Stéchwuert: **2 Klassen-Psychotherapie?**

Well d'Verhandlungen betreffend eleng de Volet Konventioun no 6 Méint op keen Accord komm sinn, kënnt et elo zu enger **Mediatioun**. D'FAPSYLUX hofft zesummen mat der CNS via een Mediateur en Accord ze fannen, an esou eng adequat Konventioun ofzeschléissen, an dëst virun allem **am Interessi vum Patient**.

All d'Akteuren aus dem Gesondheetssecteur wëssen zegutt dat am Beräich vun der mentaler Gesondheet nach villes ze verbessere ass. Eng propper Konventioun kann absolut bäidroen, dës Messstänn ze reduzéieren. Eng gutt Zesummenaarbecht mat allen Acteuren aus dem Beräich vun der mentaler Gesondheet ass dobäi gewënscht.

Wann och d'Mediatioun no 3 Méint echouéieren sollt, gesäit d'Prozedur fir, dass den Ministère vun der Securité Sociale eng Decisiounen hellt. Dat am Hannergrond vun den Wahlen am Oktober 2018.

D'SLP wäert iwwer eis Representanten an der FAPSYLUX, dem Lara Erpelding an dem Julie Arendt, a.s.a.p. zu der Suite vun de Verhandlungen informéieren. Mir soen hinnen och Merci fir hir zäitenweis nervenzehrend an zäitopwänneg Aarbecht. Merci och den FAPSYLUX Partnerassociatiounen.

## SLP Event: Psychological tests and testing: striving towards good practices




***Round table, 28th September 2018, 3 – 6 pm***

*University of Luxembourg, Esch-Belval*

*Maison des Sciences Humaines (Black Box)*

In 2015, the Tests & Testing workgroup of the SLP carried out a survey among Luxembourg's psychologists in order to devise measures that help improving quality standards and establishing good practices for psychological testing in Luxembourg. The survey's findings served as a foundation for discussions within the group and led to the decision of holding a public round-table, scheduled for the 28th September.

The round table will be introduced by Mr Robert Voyazopoulos and Mr José Muñiz, two internationally reputed experts from the domain of psychological testing and the establishment of high quality standards on a national and international level, and will provide impulses for future developments in Luxembourg. The ensuing round table will bring together psychologists working in different fields in Luxembourg, and will examine current difficulties and possible solutions for the domain of psychological testing with particular focus on Luxembourg. The discussions and recommendations of the lecture and round-table should establish the basis for developing national strategies for providing the best possible working conditions for psychologists in Luxembourg.

The lecture and round table discussions will be held in both French and Luxembourgish. The entrance will be free.

Registration for the event is not mandatory but for organizational purposes, registration by email to monique_reichert@web.de is highly welcomed. Registered participants will receive furthermore a certificate recognised as continuing education (Lifelong-learning.lu)

## Kandidature fir Psychotherapeutenposten am Collège Médical

Kommenden Oktober ginn am Collège Médical d'Posten fir Psychotherapeuten renouvelléiert.

Hei een Opruff vum Collège Médical un all interesséierte Psychotherapeuten. D'Kandidaturen sinn per recommandé bis spéitstens 31 August 2018 un den Collège Médical ze schécken

CM

**COLLÈGE MÉDICAL GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG**

**Avis aux médecins, médecins-dentistes, pharmaciens et psychothérapeutes**

Au cours du mois d'octobre 2018 il sera procédé

**au renouvellement partiel du collège médical.**

Les médecins, médecins-dentistes, pharmaciens et psychothérapeutes sont invités à vérifier auprès du secrétariat du collège médical leur inscription sur les listes des électeurs, listes qui seront arrêtées définitivement le 15 juillet 2018.

Les candidatures sont à adresser par lettre recommandée au président du collège médical jusqu'au 31 août 2018, le cachet de la poste faisant foi.

Pour le collège médical,

le secrétaire,
Dr Roger HEFTRICH

le président,
Dr Pit BUCHLER

## Impakt vum neien RGPD Gesetz (Protection des Données) op d'SLP an Psychologen

Den 25. Mee 2018 ass europawäit den Règlement Général sur la Protection des Données (RGPD) a Kraaft getrueden. D'Zil vun dësem Gesetz ass et de Bierger an Europa méi Kontroll iwwer hier perséinlech Donnéeë ze ginn an d'Organisatiounen an d'Entreprisen méi zum Dateschutz ze responsabiliséieren.

Dëst huet och Konsequenzen op d'SLP an hier Memberen an och op de Rapport tëschent de Psychologen an hiren Clienten.

D'SLP wäert no der grousser Vakanz ee Courrier un d'Memberen erausschécken fir „compliant“ zu dësem Reglement ze ginn an dat gläichzäiteg mam Iwwerschaffen vun der Websäit betreffend den RGPD.

D'RGPD Gesetz gesäit ënner anerem vir, dat eng Organisatioun dem „Client“ muss erklären firwat seng perséinlech Donnéeë gesammelt a gebraucht kënne ginn, an wéi laang se conservéiert ginn. Et däerfen och nëmmen déi strikt noutwendeg Donnéeë kollektéiert ginn an déi néideg Confidentialitéit an Sécherheet vum Stockage muss garantéiert sinn.

De Client huet ënner anerem och d'Recht Donnée ze rektifizéieren an sech der Benotzung vun Donnéenë ze widdersetzen an och ze verlaangen, dat seng Donnéeë komplett geläscht ginn.

## SLP Annuaire des Psychologues et Psychothérapeutes

Mir haten an deenen 2 leschten Newsletter all eis aktiv Memberen encouragéiert, hiren Profil am SLP Annuaire auszefëllen. Mir soen all de Memberen, déi dëser Ufro nokomm sinn, villmools Merci.

A mir wieren deene Memberen, déi nach keng Zäit haten, dankbar, dëst a.s.a.p. nozehuelen, respektiv nozekucken op hir Donnéeë nach wie vor korrekt sinn.

Den SLP Annuaire gëtt vill consultéiert a mir versichen, déi bescht Referenz op dem Gebitt hei am Land ze ginn. Wann genuch Profiller ausgefëllt sinn, kënne mir dann eng gezielt Werbecampagne starten.


Siège social
Centre sociétaire Cents (Salle 114)
167, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Adresse postale
B.P. 1787
L-1017 Luxembourg

www.slp.lu
CCP : IBAN LU97 1111 0536 7837 0000
RC : F4769

## Administratives vun der SLP

**SLP goes Digicash!**

Ab sofort kann een Cotisatiounen an Frais'en vun Annoncen un d'SLP nieft Virement och méi schnell a praktesch iwwer Digicash bezuelen: SLP Digicash Nummer **621 370 160**

-----------------------

De Bureau vun der SLP ass zou vum **21.7 bis 5.8.2018** a vum **18.8 bis 3.9.2018**

-----------------------

D'SLP wënscht all senge Memberen eng **relax an erhuelsam** Summervakanz!

